

Rapport Referees Commission 25 Oktober 2016

Uwiesend: Karier, Geib, Schmitt, Nesser, Keiffer, Ney, Weber, Simonelli

Entschellegt: Pascalicchio, Scheuren

1. **Adoptioun vum Rapport vum 21.09.2016**

De Rapport ass approvéiert.

2. **Costa Brito Adilson**

Den Adilson huet sech presentéiert an ass gebiede ginn, seng Flichten als Arbitter méi eescht ze huelen. D'Refcom well den Adilson net fale loossen, mais erwaard sech an Zukunft eng besser Astellung.

2. **Projet Jeunes Arbitres**

De Projet huet gutt ugefaangen, all d'Matcher konnte gespillt ginn an dat ouni gréisser Zwëscheffäll. Leider schécken d'Veräiner an hir Tuteur ëmmer nach de falsche Rapport eran. Et gëtt dofir drop higewisen, dass just de beigefügten Excel Sheet (**EVALUATION FINALE**) all Mount soll ausgefëllt gin, an dann un de Patrick Simonelli zeréckgeschéckt ginn. Eng Demande, fir eventuell e bësse Videomaterial vun den JA ze kréien, ass den 26.10 un d'Veräiner gaang. Et soll net all Match gefilmt ginn, mais wann een emol 10 oder 20 Minutten vun deem engen oder aneren JA huet, kann een doraus secher enorm vill maachen. Mir hoffen op d'Mataarbecht vun de Clibb.

3. **Cours Sekretär/Chronométreur:**

Rappel: De nächste Cours ass den 12.11 um 10h00 an der Maison des Sports. Aschreiwe kennt dir iech via Email op mail@flh.lu.

4. **Kandidat fir den EHF Delegierten**

De Paul Nesser ass interesséiert fir déi nächst Formatioun vun der EHF am Dezember mat ze maachen. D'Refcom schléit dem CA fir, deem zouzestëmmen.

5. **Triagonal**

Déi néi Offer léit um Dësch. Vu d'Méiglechkeeten déi d'EHF an d'FLH mettlerweil online hunn, gëtt de Käschte/Notze Facteur ze kleng. D'Refcom schléit fir dësen Projet bis op weideres op Eis ze leeën.

6. **Matchprozeduren**

Éischt Erfahrungen weisen, dass vill Veräiner, leider net all, déi eng oder aner Saach anhalen. Sou ass z. Bsp. wat d'Botzjongen an –meedercher ugeet eng Verbesserung feststellbar, och wann et sécher nach net perfekt ass. Wat den Countdown ugeet, ass et och keen Problem wann d'Auer vun 0 op 30 leeft. Et ass awer wichteg, dass d'Presentatioune pünktlech uginn

an d'Matcher net mat Verspéidung starten. Do sollen och d'Delegéiert an d'Arbitter e bëssen drop oppassen, an e Signal soll 7 Minutten virum Match drop hiweisen, dass d'Ekippen sech solle prett maachen.

7. Delegierte Formatioun

D'Refcom schreift en Delegierten-Cours aus. Wichtig: Et muss ee net Arbitter sinn oder gewiescht sinn fir Delegierten ze ginn. Mellt iech w.e.g. un per Mail op mail@flh.lu. Den Datum vun der Formatioun gëtt dann zesumme festgeluecht. Bis elo hunn sech ugemellt:

Jeannot Ney, Arni Biren.

8. Fräiwëlleg Formatioun den 05. November

Den Patrick Simonelli organiséiert eng Formatioun mat fräiwëlleger Bedeelegung vun allen Arbitter den 05. November um INS vun 10h00 bis 12h00 an 14h00 bis 16h00. An der Mëttesstonn steet e gemeinsamt lessen um Programm.

9. CA Memberen

D'Refcom stellt d'Ufro un den CA, op d'Memberen vum CA d'Recht hunn, sech un den offiziellen Dësch bei offiziellen Matcher ze setzen, ouni dofir en Optrag ze hunn?

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 29. November um 18:15.